**FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DES PÊCHEURS SPORTIFS**
**SECTION: < PÊCHE EN MER >**

***John PALGEN***
***35, Ch. De Roedgen***
***L-2432 Luxembourg***

# Bericht Generalversammlung 2009

Biereng, den 10. Januar 2010

**Présences**: 35 Memberen vun der Sektioun PeM
HH. Gusty Graas a Pierrot Merten vun der F.L.P.S.

**Usprooch vum Präsident André Biver**
De Präsident André Biver vun der Sektioun PeM heescht all offiziell Vertrieder, Memberen a Frenn vun der Sektioun wellkomm. Hien entschellegt de Sekretär Gilbert Zangerlé an Hären Henri Jungers a Gilbert Arend. No enger Gedenkminut fir eis verstuerwen Memberen gouf hien dem Sekretär-Adjoint John Palgen d'Wuert.

**Aktivitéitsbericht 2009**
De Sekretär-Adjoint John Palgen leet der Versammlung de schreftleche Bericht iwer all d'Aktivitéiten vir, die d'Sektioun am Laaf vum leschten Joer gemaach huet.

**Keesebericht 2009**
De Keesier Claude Resch mecht de Bericht iwert die finanziell Situatioun vun der Sektioun. Noddems, dass Kasserevisoren (JJ Baustert, N Steyer, F Gira) der Versammlung matgedeelt hun, dass sie eng impeccabel Kees kontrolléiert hun, wou alles genau an exakt gefouert gouf, huet d'Versammlung eestemmeg dem Keesier Décharge fir 2009 gin.

**Kasserevisoren 2010**
Jean-Jacques Baustert, Norbert Steyer a Fernand Gira.

**Weltmeeschterschaft 2009**
Den Trainer Robi De Sousa huet sain Bericht iwert WM 2009 gemaach an die gudd Organisatioun vun de franzéischen Kollegen gelueft.

**Coupe des Nations 2009**
Den Kapitän Giovanni Micucci huet sain Bericht iwert CN 2009 gemaach an die gudd Organisatioun vun de belsche Kollegen gelueft.

**Cotisatioun 2010**
De Memberbeitrag fir 2010 bleiwt bei 20€.

**Comité 2010**
André Biver, Robi De Sousa, Lars Gantenbein, Jean-Pierre Hansen, Gilbert Zangerlé, Claude Resch, Steve Schaaf, Paul Schenk, John Palgen. D'Chargen gin an der 1. Comitésversammlung verdeelt.
Den André Biver deelt matt dass den Pierre Reichling seng Demissioun am Comité angereecht huet. Hien freet die austriedend Memberen ob sie nach am Comité bleiwen. Die austriendend an eremwielbar Comitèsmemberen goufen eestemmeg vun der Versammlung zreck gewielt.

**Usproch vum Präsident vun der FLPS Gusty Graas.**
Den Här Gusty Graas huet der Versammlung félicitéiert fir die gudd Arbecht die d'Sektioun gemaach huet. No engem kuerzen Bericht iwert Klimakonferenz zu Kopenhagen an Dänemark huet hien matgedeelt, dass hien a senger Fonktioun als Präsident vun der FLPS fir d'lescht bei eis war. Hien huet betount, dass hien emmer gären bei d'Sektioun PeM komm ass. Den Präsident André Biver sot him Merci a wenscht him alles Guddes fir d'Zukunft.

**Lauréaten 2009**
Mat enger klenger Éierung kruten die Beschtklasséiert vun der Landesmeeschterschaft, der Coupe „AquaZooPeche“, der Coupe „R&S Fishing“ an déi 10-jähreg Memberen fir hier gudd Resultater félicitéiert.

**Programme 2010**
De John Palgen stellt der Versammlung de Programme 2010 vir. Hien ennerstraicht dass och Datumer fir Surfcasting um Programme stin.

**Interpellatioun**
Et war keng do.

**Diskussioun**
Den André Biver weist dorop hin, dass d'Praisser vun de Ausfahrten fir 2010 missten em 5€ erhéicht gin. Daat selvecht gellt och fir d'Memberskaarten fir 2011. Dest gouf eestemmeg vun der Versammlung ugeholl.

**Schlusswuert**
Den André Biver seet der Versammlung Merci fir hirt Kommen a wenscht hinnen eng gudd an erfollegräich Saison 2010.

De Sekretär-Adjoint
John Palgen